

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13010LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 virun engem Haff
Spilldauer:	+/- 90 - 100 Min.
Rollen:	7
Frauen:	3
Männer:	4
Rollensatz:	8 Hefte
Preis Rollensatz	135,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13010LU

Croisière am Schwäistall

(Kaméidistéck an in 3 Akten)

vum

Carsten Lögering

iwwersat vum

Jos Weimerskirch

Inhalt:

De Bauer Pierre Lauer leeft mat senger Fra Ketty a sengem Meedchen Josephine op sengem Haff. De Pierre kann alles ... mengt en op mannst. Di meeschten Zäit ass e sténk faul a verstoppt sech mat sengem Kolleg Albert hannert dem Alkohol. Säi Knecht Gusty erleedegt di deeglech Aarbecht um Haff. Dësen huet en A fir d'Josephine, wat dem Pierre awer guer net gefällt.

No enger Duerftombola schousteren de Gusty an d'Josephine dem Pierre den Hauptpräis zou. Eng Croisière um Mëttelmier. Domm just fir de Pierre, well deen huet zënter senger Jugend eng panesch Angscht virum Waasser. Well hien Angscht huet, d'Leit am Duerf géifen sech iwwert hien lëschtég maachen, schéckt hien säi beschte Frënd an hien verstoppt sech um Bauerenhaff. Kee soll gewuer ginn, dass hien Waasser schei ass. Duerch onglécklech Ëmstänn muss de Pierre sech als Fra verkleeden an trëtt als seng eege Schwëster Pierrette op. De Chaos fänkt un. Den Duerfpolizist huet sech an d'Pierrette verkuckt a leeft hir permanent no. Mee net genuch domadder. D'Croisièreschëff geet ënner. Glécklecherweis iwwerliewen all d'Passagéier just den Pierre Lauer bleift vermësst. Et fänkt en amüsant Verwiesselungsspill un bei deem de Pierre vun engem Fettnäppchen an dat anert trëppelt a sech ëmmer méi an deem ganze Ligeonstrukt verstréckt.

Persounen

Pierre Lauer alias Pierrette	Lidderege Bauer deen d'Waasser scheit an di onbekannte Schwëster vum Pierre (Duebel Roll)
Ketty Lauer	Dem Pierre seng nosichteg Fra
Josephine Lauer	Dem Pierre säint erwuessent Meedchen
Gusty	Knecht um Haff
Lisa Biischt	Spriecherin vum Gemengerot
Metty Müller	Lokale Polizist, typeschen Duerf-Sheriff, ëmmer gelangweilt a "schaarf" op d'Pierrette
Albert	Saufrënd vum Pierre

Bühnebild

Et spillt dobaussen virun engem Bauerenhaff. Hannen ass d'Fassade vum Haff mat enger Fënster. Virun steet eng Bänk mat engem klengen Dësch. Niewent der Entréesdier steet eng Breifkëscht aus ale Brieder an enger Dier. Als Dekoratioun steet riets en Holzbock mat enger Aaxt, lénks ass eng Gaardendier di den Haaptgang zur Bühn duerstellt. De Recht op der lénks Säit ass mat Gesträich an Hecken (alternativ duerch eng Heck an eng Clôture) ofgedeckt, iwwert dem Gesträich kann den Himmel duergestallt sinn.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

Optritt 1 (Pierre)

(D' Riddo geet op. De Pierre kënnt vu riets aus dem Schwäistall op d' Bün)

Pierre (erleedegt): Fräck... Wat fir eng schwéier Gebuert. *(zitt aus engem Verstopp eng Drëpp an e Glas ervir)* Di gudd Brigitte ... ass a bleift di beschte Sau am Stall ... *(fëllt säin Drëppeglas)* Eng op dat éischt Fierkel. *(drénkt a fëllt no)* Eng op dat 2 Fierkel, wat eng Zuucht, 30 Stéck.... Eng op dat 3t Fierkel. *(drénkt seng Drëpp a kuckt op d' Publikum)* Mengt awer elo net, dass ech op all Fierkel drénken,.... (iwwerleet) obwuel, eng geet nach. *(schëtt sech nees eng Drëpp aus an drénkt, verstoppt d' Fläsch nees)* An elo kuerz op de Canapé an dann op de Kiermesbal. *(geet no hanne fort)*

Optritt 2 (Gusty, Josephine)

(De Gusty kënnt vu riets op d' Bün. En huet ee mat Bludd verschmierten Schiertech an nach eng Händsch déi ëm bis un d' Schëller geet)

Gusty: Em Gottes Wëllen wat en Trapp. 30 an enger Kéier. Dat ass sécher a neie Rekord. Dat mellen ech dem Lëtzebuerger Bauer, soss gleeft kee vu menge Kolleegen dat. Fräck, do hätt dee knéckege Pierre awer e Patt kéinten zum beschte ginn. Mee wou ass en eigentlech? Et kennt een e jo. Hei kuck wat steet dann do? *(hëlt d' Fläsch mat der Drëpp aus dem Verstopp a fëllt säi Glas)* Op mech. Op di fläissegt Hiefamm vun der Welt. *(drénkt)* Ah. Déi hunn ech maer verdéngt. *(stellt d' Fläsch nees ewech, geet bei d' Fënster a rífft)* Josephine, Josephine. Wou bass de? *(kuckt no hannen duerch d' Fënster)* Josephine!

(D' Josephine kënnt vun hannen op d' Bün.)

Josephine: Jäiz net esou, de Papp huet sech elo grad getässelt, fräck Gusty, wéi gesäis Du dann eraus?

Gusty: Ech komme grad aus dem Stall. Ech hu grad 2 an eng hallef Dosen kleng Schwéngercher op d' Welt gesat. An? Bass de stolz op mech?

Josephine : A wéi ...

Gusty: Gëtt et zur Belounung eng Bees? *(hëlt de Mond gespëtzelt zum Josephine hin)*

Josephine: Esou wéis Du erausgesäis?

Gusty: Just eng kleng Bees ... *(hëlt nees dem Josephine de Mond dohin)*

Josephine (kësst de Gusty ganz kuerz op de Mond): Fir meng kleng Hiefamm. Ech sinn esou frou mat Daer. An? Verstees Du dech elo besser mam Pappa?

Gusty: Däin Alen ass dee faulste Kauz wäit a breet. Ech maachen seng Aarbecht mat an de Chef steet di ganzen Zäit just niewent maer fir de Kommando ze ginn.

Josephine (hëlt de Gusty an den Aarm): Du hues et och net liicht. Kann ech Daer iergendwéi hëllefen?

Gusty: Eng Bees? *(hëlt de Mond nees dohin)*

Josephine (kësst de Gusty nees op de Mond): Sou dat war et elo mam këssen. Dusch dech fir d'éischt emol. Du sténks nämlech no Schwäistall.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gusty: Geet et? Ech wëll eng Kéier selwer Bauer sinn. No wat soll ech da richen?

Josephine: Ass maer egal. Ob alle Fall net no Piff a no Schwäistall. Lo maach dech propper a flott, soss ginn ech haut net mat Daer op de Bal. *(no hanne fort)*

Gusty: Oh meng Miisschen weist d' Krallen. Miau...

Optrëtt 3 (Lisa, Ketty, Gusty)

(d' Lisa kënnt op d' Bün)

Lisa: Moien, (ugëeekelt) Ihhh... Gusty wéi gesäis Du dann eraus? Sinn ech hei um Filmset vun engem Horrorfilm oder sidd Daer am gaangen ze schluechten?

Gusty: Hei kuck do. Ass dat net Lisa Biischt. ... An? Op der Sich nom neiste Beschass?

Lisa: Ech si "porte parole" vum Gemengerot. Dat ass meng Missioun.

Gusty: Oh Verstinn. Awer hal mech w.e.g. aus denge Lige-Geschichten eraus, du virwëtzege Wäschfra.

Lisa: Virwëtzege? Ech sinn dach net virwëtzege ... Mech interesséiert just alles. Also? Fir wat gesäis Du esou ellen aus?

Gusty: Fir wat? *(kuckt sech ëm)* Awer net weidersoen.

Lisa: Natierlech net.

Gusty: *(geheimnisvoll)* Ech hunn elo grad mam Bauer Lauer eng schwaarz Mass gefeiert. A wéi maer de Chef vun der Däischtert ugebiet hunn, hu maer him en Affer aus Flesch a Blut preparéiert.

Lisa *(mat groussen Aen)* : Wierklech?

Gusty: Maer hunn engem Hunn e Kapp ofgehaakt an eis géigesäiteg mat Blut besprëtzt.

Lisa *(ganz erstaunt)* : Sérieux?

Gusty: Nee. Du domm Gäns.

Lisa: Wéi elo hu Daer eng Gäns geaffert?

Gusty *(kuckt no uewen)* : Haer, looss et Gehier reenen.

Lisa: Wat dann? Hong oder Gäns?

Gusty: Lisa, wéi blöd bass de eigentlech? Ech wëll dech jo just veraarschen ... Ech komme grad aus dem Stall well eis bescht Sau gefierkelt huet.

Lisa: Oh...

Gusty: Daer kann een am Fong och egal wat erzielen. *(rëselt de Kapp)* Oh, oh, oh ... Wat wëlls de eigentlech hei?

Lisa: Ech wëll zum Ketty. Ass hat do?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gusty: Zum Chef vum Haus. Ech menge jo. Ech ginn emol kucken. (*mécht d' Dier vum Haus op a rífft*) Madame w.e.g..

Ketty: (*rífft vun hannert der Bün*) Ja, wat ass?

Gusty: Den Duerfradio ass do!

Ketty (*rífft vun hannert der Bün*) : Wien?

Gusty: Den Duerfbeschass.

Ketty (*rífft vun hannert der Bün*) : Hää?

Gusty: Der Biischt hire Virwëtz aus dem Gemengerot.

Ketty (*rífft vun hannert der Bün*) : Ah gudd, ech kommen.

Gusty (*zum Lisa*) : Si kënnt. Also Lisa, hal dech monter. (*no hannen fort*)

Optrëtt 4 (Ketty, Pierre, Lisa)

(*D' Ketty kënnt vun hannen op d' Bün*)

Ketty: Wat wëlls de Lisa? Ech maache mech grad fäerdeg ech wëll op de Kiermesbal.

Lisa: Hues Du et schonn héieren?

Ketty: Wat?

Lisa: Maer vum Gemengerot verlousen haut den Owend um Kiermesbal eng Rees.

Ketty: Jo an?

Lisa: Jo, hues Du schonn dovunner héieren oder net?

Ketty: Nee, ech hunn nach näischt dovunner héieren.

Lisa: Da weess de et elo.

Ketty: Moment emol? Dat war alles wat' s de wollts?

Lisa: Dat waren di aktuellst Norichten. Du brauchst maer net Merci ze soen. So Ketty, ech muss elo weider, ech hunn nach eppes ze dinn.

(*de Pierre kënnt vun hannen fäerdeg gekleet fir op de Bal*)

Pierre: Moie Lisa. An wat gött et neitst?

Lisa: Maer vum Gemengerot verlousen haut den Owend um Bal eng Rees.

Pierre: Wat sot ech Ketty? Maer kéinten d' Zeitung ofbestellen, wann d' Lisa all Dag op den Haff géif kommen.

Lisa: Jo, interesséiert dat da keen?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pierre: Nee, haut ass Kiermesbal, do heescht et: "Héich d' Glas, looss näischt am Faass".

Lisa: Der Männer mat ärem blöden Gesëffs.

Pierre: Lo geet et awer duer. Maer fleegen just d' Kultur, d' Heemecht an d' Duerfgemeinschaft. Do muss een net drénkfest sinn.

Ketty (*kuckt de Pierre streng*) : Mee et ass awer kee Nodeel, dass... Sou elo muss ech mech awer fäerdeg maachen, well ech wëll nämlech och nach dohin. (*geet no hannen*)

Pierre: Well maer elo all Neiegkeete kennen, kanns Du och elo nees gläich verschwannen. (*weist no baussen*)

Lisa: Ech hunn esou wéisou alles gesot wat ze soen ass. Ech klammen op mäin Vëlo an da fueren ech nach bei d' Noperen. Also bis di nächste Kéier. (*no léns fort*)

Pierre: Loos der roueg Zäit. (*zum Publikum*) Onméiglech dat Lisa. Mat hirem ale Vëlo ass hat méi séier wéi den Internet...

Optrëtt 5 (Albert, Gusty, Pierre)

(*den Albert kënnt och am beschte Gezei op d' Bün*)

Albert: Moie Pierre du al Vulleschäich. An, alles an der Rei?

Pierre: Moien Albert, an du alen Hummer, wëlls de eng Drëpp?

Albert: Do wéinst sinn ech hei. Solle maer net hei zesummen ufänken?

Pierre (*hëlt d' Fläsch aus dem Verstopp a fëllt di 2 Glieder*) : Hues de Angscht, dass de Wiert net genuch huet?

Albert: Sécher ass sécher. Prost (*béid drénken*) Et steet een esou schlecht op engem Been. (*de Pierre fëllt béid Glieder no*) Wat sinn ech frou, dass ewell nees Kiermes ass. Dat ass och Zäit vun den dausend kalen Drëppen. Prost. (*béid drénken*)

Pierre (*sengt*) : D' ass Kiermes am Duerf an de Spillmann ass do ... (*fëllt nees d' Glieder*)

Albert (*sengt*) : ... di Jonk déi ginn danzen di Al di kucke no. Prost. (*béid drénken*) Ah Pierre nach e gudd Rot. Wann' s de am gaange bass ze drénken, hal net ob. Deng Fra iergert sech, egal ob' s de 10 oder 2 Humpen drénks. (*béid laachen*)

(*de Gusty kënnt och, gudd gekleet vun hannen op d' Bün*)

Gusty (*stellt sech tëschent dem Albert an dem Pierre an hëlt alle béid an den Arm*) : Moie Männer! Wéi gesäit et aus? Si der all duuschteg?

Albert: Ma sécher dat.

Gusty: Drénke maer nach all een zesummen?

Albert: Sécher drénke maer nach all een ...

Pierre: Awer ouni dech.

Gusty: Wéisou dat dann?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pierre: Wann de Kuch schwätzt, halen d' Grimmelen de Mond.

Gusty: Wéi?

Pierre: Haut geet de Meeschter een drénken an de Knecht bleift doheem. Bei Haus an Haff a bei de Schwäin.

Gusty: Fir wat?

Pierre: Du bleifs schéin hei a passt op, dass d' Brigitte d' Fierkel net opfrësst, ausserdeem muss Du haut den Owend a mar e Moien d' Déieren fidderen.

Albert: Jo, well dat ass de Pierre sécher net méi am Stand.

Pierre: Sou ass et an ausserdeem kanns Du hei d' Josephine net unhimmelen.

Gusty: Wéisou d' Josephine? Verstinn dat net ...

Pierre: Stell dech net esou blöd. Ech weess genau, dass do eppes leeft.

Gusty: Ech wëll dach blouss ...

Pierre (ënnerbrécht) : Här ass Här, a Max ass Max. Also: De Kostüm aus a vif an de Stall. *(weist streng op de Stall)*

Gusty: Dat mellen ech bei der Landwirtschaftskummer.

Albert: Maach dat. De President ass mäi Schwoer an haut den Owend och um Bal.

Pierre: Albert, wat mings de, solle maer de President net emol op eng Drëpp invitéieren?

Albert: Kloer dat.

Gusty: Di blöd Vetternwirtschaft ... *(no hanne fort)*

Albert: Pierre, maer mussen eis op de Wee maachen.

Pierre an Albert (huelen sech an den Aarm a sangen) : .. an d' Kanner loossen hire Kaffi stoen, fir deene schéinen Hämmel nozegoen. *(béid gi no lénks fort)*

Luucht aus, Riddo.

(nächsten Dag, de Riddo geet op. Luucht, en Hunn kréit, dem Pierre säi Paltong läit op der Bänk)

Optritt 6 (Gusty, Josephine)

Gusty (rosen) : Wat eng Mëscht. Se leien all am Bett a schlofen, a wien muss di ganz Aarbecht maachen? Natierlech deen aarme Gusty! Esou eppes Ongerechtes.

(D' Josephine kennt op d' Bün)

Josephine: Moie Gusty. An, alles an der Réi bei Daer?

Gusty: Näischt ass an der Réi. Daer hat gëschter äre Spaass an ech?

Josephine: Hal dach op. Kuck emol hei. *(zitt aus hirer Täsch e Lous eraus)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Gusty: Wat ass dat?

Josephine: Den éischte Präis. Ech hu gëschter den éischte Präis gewonnen. Croisière duerch d' Mëttelmier.

Gusty: Wat? (*hëlt d' Josephine an den Aarm*) Oh Josephine. Wéi geil ass dat? A wat hunn d' Leit gesot? Waren se all néideg op dech?

Josephine: Ech hu kengem et gesot. Du bass deen éischten deen et weess. A richteg frou sinn ech och net.

Gusty: Wisou dann net?

Josephine: Ma iwwerlee emol. De Papp léisst mech dach ni aleng op eng Croisière am Mëttelmier.

Gusty: Ah jo ... an elo?

Josephine: Keng Anung.

Gusty (*iwwerleet kuerz*) : Ech weess et. Maer schousteren dengem Papp einfach de Gewënn zou.

Josephine: Gusty, dat ass déi Iddie. Mee wéi maache maer dat?

Gusty: Däin alen Här war dach sécher voll wéi dausend Leit, dee weess dach sécher net méi wat gëschter lass war.

Josephine: Stëmmt.

Gusty: Kuck emol hei, (*weist op de Paltong den op der Bänk läit*) dat ass dach dem Pierre säi Paltong. Stiech him séier d' Lous an d' Täsch.

Josephine (*stécht dem Pierre d' Lous an d' Täsch*) : An elo?

Gusty: D' Lisa Biischt kritt elo anonym ugeruff an dann erleedegt sech de Rescht vu selwen, Du wäers gesinn.

Josephine: A wat maache maer 2 elo?

Gusty: Wéi wier et mat enger Bees am Hee?

Josephine: An der Rei, du kenge sténkege Bauer. (*béid gi no riets fort*)

Optrëtt 7 (Pierre, Ketty)

(*de Pierre an d' Ketty kommen vun hannen op d' Bühn*)

Pierre: Wat eng Hënt (*hält sech de Kapp un*) Au ... mäi Kapp ... Ech ka mech u näischt méi erënneren.

Ketty: Musst du eigentlech esou vill saufen?

Pierre: Mussen muss ech guer näischt. Dat maachen ech natierlech fräiwëlleg ...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: Oh ... fräiwëlleg ... (zum Publikum) Sou e Vollidiot!

Pierre: Vollidiot? Elo geet et awer duer. Manéieren ass wuel net deng Stäerkt!

Ketty: Du schwätz vu Manéieren? Weess Du iwwerhaupt nach eppes vu gëschter?

Pierre (iwwerleet) : Ähh ... Nee ... net méi alles ...

Ketty (streng) : Ech erzielen Daer elo mol e puer Saachen iwwer d' Manéieren vu mengem Pierre. Peinlech war et schonn, wéis Du bei der Frittebud permanent eng Drëpp wollts hunn, mee dat war nach dat mannst. Dass Du dem President vun der Landwirtschaftskummer op d' Féiss gekatzt hues, dat ass och nach gaangen. Wéis Du awer zu der neier Miss (*Duerf wou gespillt gëtt*) gesot hues si wier esou schéin wéi eis beschte rosa Sau an dengem Stall, do hunn ech mech awer wierklech geschummt. Mee dat ass och nach gaangen. Net méi acceptabel gouf et wéis Du d' Box erof gelooss hues a plakeg eng Ronn um Kannerkarusell gedréint hues an dunn och nach haart gejaut hues. "Ech sinn de Kinnek vun der Welt ... " Dat mäi léiwe Péitschen war den Héichpunkt.

Pierre: Ups ...

Ketty (richt) : So mol, wat sténkt hei eigentlech sou? Hues Du grad ee gefuerzt?

Pierre: Natierlech hunn ech grad gefuerzt, mungs Du ech sténken ëmmer esou?

Ketty: Dat zum Thema Manéieren. Peinlech Pierre, einfach peinlech!

Pierre: Ups ...

Ketty: Ups? Ass dat alles wat' s de soe wëlls?

Pierre: Wat soll ech soss soen? Pups...

Optrëtt 8 (Lisa, Pierre, Ketty)

(d' Lisa kënnt vu lénks op d'Bün)

Lisa: Moien! Pierre, ech hunn héieren Du häss den Hauptpräis gewonnen. Ech gratuléieren Daer vun Häerzen. (*hëlt de Pierre an den Aarm*) Oh wéi schéin. Du hues Daer et och verdéngt.

Pierre (dréckt d' Lisa ewech) : Wat?

Lisa: Sief net sou bescheiden. Nodeems ech verschidde Leit ugeruff hatt, weess elo d' hallef Duerf et. Ech sinn duerno direkt mat mengem Vëlo heihinner komm, fir Daer ze gratuléieren.

Ketty: Ah, dofir hues Du gëschter esou gefeiert. Fir wat hues Du da näischt gesot?

Pierre: Ketty ech weess vu näischt. Wat fir e Präis? (*hëlt sech de Kapp*) Au ... mäi Kapp ...

Lisa: Am Numm vum Gemengerot. Häerzlech Gratulationen. (*rëst dem Pierre d' Hand*) E puer vum Gemengerot hu gëschter geduecht, dass et kee Gewënner gëtt. (*künstleresch*) Ha ... Ha ... Ha ... Mee ech d' Lisa Biischt, hu maer schonn direkt sou eppes geduecht. Et war iwweregens meng Iddie eng Rees ze verlousen ... nee wéi schéin fir Dech.

Pierre (imitéiert d' Lisa) : Jo wéi schéin fir mech ... Lisa verstéi ... ech weess näischt dervun.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Optrëtt 9 (Gusty, Lisa, Pierre, Ketty)

(de Gusty kënnt vu riets op d' Bün)

Gusty: Moien. Wat ass dann hei fir en Oplaf?

Lisa: Du wäers et net gleewen, mee de Pierre huet eng Rees gewonnen.

Gusty (falsch) : Kaum ze gleewen, mee ech sot nach ëmmer: Dat maximaalt Volummen vun ënnerierdeger Agrarprodukter ass reziprok zum Verhältnis zu der spiritueller Kapazität vu sengem Produzent.

Pierre: Hää? Verstinn ech net. Wat verziels Du do nees e Quatsch.

Lisa (räuspert sech) : Häh... Äm... Di dommste Baueren hunn di déckste Gromperen.

Gusty: Soen ech jo!

Pierre (drot dem Gusty) : Waart emol mäi léiwe Jong. Zur Strof däerfs de haut de Mëtten d' Zëttär auspumpelen.

Lisa: Pierre just zur Formalitéit, ech bräicht nach d' Gewënnerlous.

Pierre: Mee ... Ech hu kee Lous ... Mengen ech emol ... *(hält sech de Kapp)* Au mäi Kapp ...

Gusty: Dat deet maer Leed. Mee wann ech e verlueren hunn, fannen ech dat meeschtens a menger Boxentäsch erëm.

Lisa: Ech och.

Ketty: Do läit dach däin ale Paltong. *(weist op de Paltong)* Kuck dach emol do no.

Pierre: *(duerchsicht de Paltong a fënnt d' Lous)* Ech hu wierklech gewonnen. *(voller Freed)* Kuckt all. Ech sinn de Gewënner. *(haart)* Ech sinn de Kinnek vun der Welt ...

Ketty (zum Publikum) : Kënnt maer bekannt vir.

Lisa (kontrolléiert d' Lous) : Ech ka nëmme nach eng Kéier gratuléieren. Meng Gratulationen. Eng Croisière um Mëttelmier mat der wonnerbarer eenzegaarterger Costa dar Drama. Mat engem Openthalt an Ägypten, mat engem Besuch vu de Pyramiden vu Gizeh, do derzou Theben an Abusimbel. Zu der Rees gehéiert och nach en Zwëschestopp a Griichenland mat engem Besuch vun der Akropolis. Ausserdeem sinn d' Ruinen Butrint. D' Alstad vun Dubrovnik, d' Bucht vu Koto an ... an ... an um Programm. Di Luxusrees fänkt zu Barcelona un. Du trëppels lāsseg iwwert de berühmte Boulevard vu Barcelona bis hin zum Quai.

Gusty: Boulevard dat ass gudd. Do kennen ech och een: "Beim Melken wurde dem Bauer klar, dass die Kuh ein Bulle war". Boulevard.. An Pierre? Verstees de?

Pierre: Hal de Mond du Dittchen!

Lisa Pierre, an elo dat allerbescht. All inklusive. Di ganz Croisière ass fir dech all inklusive a scho muer geet et lass!

Pierre: *(voller Freed, kënnt aus sech eraus)* Jaaaa!!! Hurra! Eraus aus dësem Lach! Ech sinn de Gewënner! Jaaaa!!! Dat hunn ech maer verdéngt. Kuckt mech all! Ech sinn de Gewënner! *(voller*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Stolz) Ech, deen ëmmer fläisseg schafft, op deen een ëmmer ziele kann, ech hu maer et verdéngt. *(jäizt iwwerglécklech)* Jaaaaa!!

Lisa: Oh wat eng Freed ...

Pierre *(kënnt esou lues nees erof)* : Just nach eng Fro Lisa. Wat ass eng Croisière?

Lisa: Eng Croisière ass eng Vakanz op engem Schëff.

Pierre *(entsat)* : Wéi?

Lisa: Et ass eng Schëffsrees.

Pierre *(entsat)* : Schëff?

Lisa: Oh wat soen ech Schëff? Natierlech e grousst Croisièreschëff.

Pierre *(voller Panik)* : Wéi elo? Schëff? Schëff mat Waasser an esou?

Lisa: Natierlech mat Waasser. Esouguer mat Mier! Mëttelmier!

Pierre: An dat scho muer? *(panesch)* Ouni mech!

Lisa: Wat ass da lass?

Pierre: Näischt ass lass. Ech wëll net. Ech soen alles of.

Lisa: Wéi da Pierre? Du fäerts jo lo awer net d' Waasser?

Pierre: Ech fäerten dach kee Waasser.

Ketty: Ha! Wann Dir wéisst. En huet esouguer Angscht fir an d' Bidden ze goen.

Pierre: Ech hunn dach keng Angscht virum Waasser. Wat e Quatsch.

Lisa: Da fäerts Du also. Ech verstinn. De grousse Bauer Pierre Lauer huet d' Box voll. *(richt)* Ech kann et quasi richen.

Ketty: Ech konnt et virun eng Kéier richen an dat war net schéin ...

Pierre *(haart)* : De Pierre Lauer huet keng Angscht, viru näischt a viru kengen. Hu der dat héieren.

Gusty: Ah sou, da bass Du just feig. Ech versinn ... de Pierre ass a Feigling ...

Pierre: Sief net esou frech! An elo fort mat Daer an de Stall ! A looss mä Meedchen a Rou.

Gusty: Wéis de wëlls. Du bass hei de Chef, ech ginn op de Knapp, do ass et schéin. *(no riets fort)*

Pierre: Jojo... géi Du an d' Hee... Du Leitsgeheier.

Lisa: W.e.g. kee Sträit. *(schwätzt wéi mat engem Kand)* Pierre wat ass da lass? Du hues keng Angscht virum Waasser, du fäerts net an du bass och net feig? Verlaangert de Pierre éieren elo schonn?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pierre (*haart*) : Verlaangeren? Wat e Quatsch? Ech wëll einfach net basta! Ausserdeem kann ech hei net fort. Et ass vill Aarbecht um Haff. Lisa ech schenken Daer d' Rees.

Ketty: Pierre, fuer roueg. De Gusty an ech, maer ginn och esou eens.

Lisa Gesäis de Pierre. Et schwätzt näischt dergéint a mech kréien keng 10 Pærd op dat blöd Schëff. Weess de heiansdo geet och e Schëff ënner ... Ech soe just Titanic

Pierre (*voller Angscht*) : Ënnergoen? Titanic?

Lisa: Sou Pierre, ech gratuléieren Daer nach eng Kéier aus ganzem Häerzen. Vill Spaass op der Rees. An elo nach séier eng Foto fir an d' Zeitung vu muer. (*hëlt aus hirer Täsch e Fotoapparat eraus*) Laache Pierre. (*knipst e puer Fotoen, de Pierre lächelt gequäält*) Nee esou geet et net. Free dech dach a kuck nach emol wéi virdrun.

Pierre: (*falsch*) Juhuuu... Wat eng Freed ...

Lisa (*knipst hir Biller*) : Jo herrlech! Wonnerbar Biller. Sou elo geet et duer. Pierre ech wënschen Daer vill Spaass. Sou, ech wëll da nees. Ah jo eent nach ier ech ginn. Hei sinn all deng Reesdokumenter. (*gëtt dem Pierre eng kleng Mapp*) A wann' s de nees do bass erwaart dech de Gemengerot fir e puer flott Biller fir an de Gemegebued. Ausserdeem wäert ech dann och en Interview mat Daer maachen iwwert deng Reesimpressiounen.

Pierre: Impress... Impression... Wat?

Lisa : Andréck Pierre. Andréck. Sou maach et gudd Pierre. Maer gesinn eis an enger Woch. Schéi Vakanz. (*no lenks fort*)

Pierre: Oh Gott, maer gëtt et schlecht. (*sëtzt sech op d' Bänk*)

Ketty: Féier elo keen op. Pack eng Wallis a muer geet et an d' Vakanz.

Pierre (*voller Angscht*) : Oh merde! (*mat de Reesënnerlagen no hanne fort*)

Optrëtt 10 (Metty, Ketty)

(*de Metty kënnt vu lenks an enger Police Uniform op d'Bün*)

Metty: Moie Ketty.

Ketty: Moien Metty Müller. Wat méchs Du dann hei? Ass eppes geschidd?

Metty: Näischt Wichteges. Et ass alles an der Rei. Ech wollt dem Pierre blouss fir seng Croisière gratuléieren.

Ketty: Wouhier weess Du dat da scho nees?

Metty: D' Lisa Biischt gëtt zimmlech alles. Ech hunn hat mat sengem ale Vëlo an enger 50ger Zone geblëtzt. Tja, a wéi ech hat ugehalen hunn, huet hat maer di ganz Story erzielt.

Ketty: Wierklech méi wéi 50 hat dat drop kaum ze gleewen.

Metty: Sou wéi dat an d' Pedalen gedréckt huet, hätt ech hat och nach labber an enger 70ger Zone kéinte blëtzen. Net ze gleewen ... also wou ass de Pierre dat Gléckskand?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: Dee packt d' Wallis. Ganz glécklech? Mee ech mengen en ass net esou ganz glécklech.

Metty: Wéisou?

Ketty: Ech mengen deen huet e bëssen Angscht virum Schëff.

Metty: Jo, jo de Pierre ... vum Waasser hält hien net vill ... Fro emol de Wiert an der Wiertschaft ...

Ketty: Waart Metty, ech ginn de Pierre sichen. *(geet no hanne fort)* Pierre kënns de?

Optrëtt 11 (Pierre, Metty)

(de Pierre kënnt vun hannen op d'Bün)

Pierre: Oh Metty du ... *(nervös)* du ähh... Wéinst dem Stoppschëld wou ech gëschter mam Trakter verpasst hat an duerch gefuer sinn. Also ähh ... Et deet maer Leed. Ech konnt onméiglech mat Zäit bremsen ... Ech hat d'Pullfass hannen unhänken, dat verstees du dach ... Oder?

Metty: Ech hu keng Anung vu wat' s de schwätz.

Pierre: Da vergiess et w.e.g. ganz séier. Wat gött et?

Metty: *(hëlt de Pierre an den Aarm)* Ech gratuléieren zu denger Croisière. Alles Guddes, vill Spaass a komm gesond erëm.

Pierre: Apropos gesond erëm. So Metty, Du kenns dech dach am Verkéier aus?

Metty: Natierlech kennen ech mech am Verkéier aus. *(paakt sech machoméisseg an de Schratt)*

Pierre: Du al Sau, dat hunn ech net gemengt. Ech wëll wëssen wéi sécher e Schëff ass?

Metty: Theoretisch ass de Vol mam Fliger zum Schëff méi geféierlech wéi d' Croisière selwer. Op alle Fall wënschen ech Daer vill Spaass um Waasser. Bis geschwënn. *(no lenks fort)*

Pierre *(sëtzt sech op d' Bänk)* : Merde Waasser. Fir wat ausgerechent Waasser?

Optrëtt 12 (Albert, Pierre)

(den Albert kënnt op d' Bün)

Albert: Moie Pierre! Wat héieren ech? Dat béist Wuert mat W?

Pierre: Moien Albert. Oh Albert, ech haasse Waasser. Ech drénke net emol Waasser.

Albert: Et sief dann et ass mat Happ a Malz vereedelt ... Ech weess ... Ech weess. So Pierre, pack dech lo um Rimm a free dech op d' Croisière.

Pierre: Wouhier weess Du dat da scho nees?

Albert: Vum Lisa Biischt natierlech. Et verdeelt grad am Duerf Flyeren...

Pierre *(biedelt)* : Albert hëllef maer. Ech kann net op d' Waasser. Ech kann et net. Ech hu schonn als klenge Bouf d' Waasser gefaart. Ech kann net emol schwammen. Wat mengs de wat d' Leit

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

am Duerf iwwer mech erzielen wann déi matkréien, dass ech d' Waasser fäerten? Albert hëllef maer w.e.g. - w.e.g.

Albert: Wéi soll ech Daer hëllefen?

Pierre: Keng Anung.

Albert: Géff maer emol eng Drëpp da fält maer villäicht eppes an.

Pierre: Wéi kanns Du da schonn elo nees un drénken denken. Hues Du da keng déck Bëls?

Albert: Et ass ganz einfach. Den Trick ass, dass de ni mat drénken ophäls, dann ëmgees de och dem décke Kapp.

Pierre: *(wullt am Verstopf no der Fläsch a no 2 Glieser a fëllt hinnen 2 e Glas)* Klengt logesch. Prost *(béid drénken)* Has Du elo eng Iddie?

Albert: *(iwwerleet)* Nee ...Oder dach? *(kuerz Paus)* Nee ... awer net. Schëtt emol nach eng aus. *(de Pierre fëllt d' Glieser, den Albert drénkt)*

Pierre: An? Wat ass elo?

Albert: Ech hunn et. Ech ginn als Pierre Lauer a maachen d' Rees fir dech. Du bleifs hei a verstopps dech.

Pierre (voller Freed) : Albert, dat ass et. *(iwwerleet)* Mee ech soll no der Rees der blöder Biischt vum Gemengerot en Interview fir hiert blöd Propagandablaat ginn.

Albert: Ech erzielen Daer einfach wéi et um Schëff war fäerdeg. Di al Biischt ass domm wéi Stréi. Dat kriss Du dach einfach hin, oder?

Pierre: Mach och Fotoen. Dat ass ganz wichteg.

Albert: Kee Problem.

Pierre: Albert, du bass en Engel. Hei huel d' Fläsch an drénk e Glas. *(gëtt him d' Fläsch)* Ech huelen d' Reesënnerlagen. *(no hanne fort)*

Albert: D' Liewen ass sou schéin. *(fëllt sech e Glas an drénkt)*

Pierre (kënnst nees op d' Bün) : Sou, hei sinn d' Pabeieren a meng Carte d'identité. *(gëtt dem Albert alles)* Nach eng Saach Albert. Zu kengem e Wuert. Mach Daer e puer schéin Deeg um Mier an dann ass et gudd. Ech verstoppe mech hei a fäerdeg. A behuel dech. A schlo net ze oft iwwert Strengt. Ech wëll net, dass mäi Numm onnéideg a Verruff kënn.

Albert: Nodeem wat gëschter war, ass et wuel ze spéit. Wou wëlls Du di ganz Woch bleiwen wann ech froen däerf?

Pierre: Dat weess ech nach net. Den Haff ass dach grouss. Mol kucken.

Albert: Mach Daer hei eng schéi Croisière an ech këmmere mech ëm alles op der Platz. Villmools Merci Pierre. *(klappt him op d' Schëller)* Bis deemnächst. *(no lenks fort)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Pierre: Merci Albert. Ech soll maer hei eng schéin Croisière maachen. (*iwwerleet*) Ech mengen ech quartéieren mech am Schwäistall an. (*iwwerleet*) Croisière am Schwäistall? Ha... Schwäistall dat klengt gudd besser wéi Mëttelmier ...

RIDDO

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck
"Croisière am Schwäistall"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouf per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www.mein.theaterverlag.de

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280

e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstuecke-online.de – www.theaterverlag-theaterstuecke.de – www.nrw-hobby.de